# Youth Camp

# Ypäjä, Finland, 14th – 19th Juli 2023

Léif Membren,

vum 14. bis den 19. Juli ass d’FEIF Youth Camp zu Ypäjä a Finland.

**Wat ass d’Feif Youth Camp?**
FEIF Youth Camp ass en internationale Camp fir jonk Leit déi 14, 15, 16 oder 17 Joer al sinn am Joer vum FEIF youth camp. De Camp gëtt all zwee Joer organiséiert an engem vun de Memberlänner vun der FEIF. Den éischte FEIF youth camp war 1986.
D’Zil vum FEIF youth camp ass et Jonker aus verschiddene Länner zesummen ze bréngen, d’Kultur vun deem aneren Land kennenzeléieren an ze gesin wéi d’Approche zum Päerd an d’Reiderei an deem Land gelieft gëtt.
Déi gemeinsam Sprooch vum Camp ass Englesch. Fir deel ze huelen um FEIF Jugendcamp brauchen d’Participanten kee Päerd ze besëtzen (oder matzebréngen), mä si sollen interesséiert sinn um Islandpärdreiden an Reiterfahrung hunn. D'ganz Woch ass en usprochsvollen Programm - mat an ouni Päerd - virgesin, fir international Frëndschaft ze fërderen an an d’Eraschnupperen vun diversen Aspekter a punkto horsemanship.

**Wien kann matmaachen?**

- Jonker déi dëst Joer tëscht 14 a 17 Joer al sinn
- d’Communicatioun leeft op Englesch also mussen déi Jonk englesch Kenntnisser hunn
- Member sinn am Verband vun den Islandpäerd Lëtzebuerg

Den FEIF Youth Camp kascht 600 Euro ab Helsinki derbäi kënnt nach den Vol op Helsinki.

Vun Lëtzebuerg kennen 2 Jonker goen an 1-2 Jugendleader fir déi Jonk ze begleeden an dohannen mat un den Aktivitéiten deelzehuelen an der Organisatioun behellefflech ze sinn.

Interesséiert Membren sollen sech bis spéitsdens den 1. Abrëll 2023 umellen op:

info@verband-islandpaerd.com

Hei e Film vum leschten Youth Camp 2019 an Island
https://www.youtube.com/watch?v=F9r40CHpeH4&t=4s

